N°2143
Entrée le 28.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°2143 vum 25. Mäerz 2025 vum éierewäerten Deputéierten Här Sven Clement iwwert "Suspension des subventions du Fonds Climat et Énergie et impact sur les ONG"**

**1. Wéi laang wäert dës Suspendéierung viraussiichtlech daueren a wéi eng Moossname ginn ergraff fir sécherzestellen, datt dës Mesure déi lafend Aarbecht vun den ONGen net negativ beaflosst?**

Déi temporär Suspendéierung ass bedéngt duerch de grousse Volume vun ONG Projeten déi momentan an der Beaarbechtung sinn. Fir deem entgéint ze wierken ass de Recrutement vu weideren Agenten iwwert déi kommend Méint virgesinn.

Déi lafend ONG Projeten, déi schonn vun engem Finanzement profitéieren, souwéi d'Demanden, déi bis den 19. Mäerz agereecht gi sinn, sinn net vun dëser temporärer Moossnam betraff.

**2. Wéi vill Dossieren, déi schonn eragereecht goufen, sinn nach an der Beaarbechtung, a wéi eng Ressourcë ginn zur Verfügung gestallt fir ze garantéieren, datt dës Dossieren ouni wieder Verspéidung traitéiert ginn?**

Säit 2017 konnten am ganzen 81 ONG Projeten vun engem Finanzement profitéieren. Vun dëse Projeten, sinn der nach 50 an der Ëmsetzung. Eng zousätzlech 11 nei Demanden mussen, nieft dem Suivi vun de lafende Projeten, nach traitéiert ginn.

**3. Wéi ass d'Ënnerstëtzung fir ONGe garantéiert, déi op Klimafinanzéierung ugewise sinn, wärend där Period wou keng nei Projetssubventiounen accordéiert ginn?**

Déi temporär Suspendéierung betrëfft net déi lafend ONG Projeten, déi schonn en Finanzement accordéiert kruten, oder d'Demanden, déi nach bis den 19. Mäerz agereecht gi sinn.

**4. Wat sinn déi genee Krittäre fir den Agrement, deen zukünfteg vum Ministère verlaangt gëtt, a wéi vill vun den aktuellen ONGen, déi mam FCI schaffen, verfügen iwwer dësen Agrement?**

Fir d'Krittäre verweisen ech op den Internetsite vun der Direktioun fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Aktioun vun Ausseministere (MAE): https://cooperation.gouvernement.lu/fr/ong-partenaires.html. Därzäit verfügen 18 vu 24 ONGen, déi e Finanzement erhalen hunn, iwwert den Agrement vum MAE.

**5. Wat ass konkret bei der Entwécklung vun der neier Strategie fir d'international Klimafinanzéierung 2026-2030 virgesinn a wéi wäerten Interessevertrieder, besonnesch d'ONGen, an dëse Prozess agebonne ginn?**

Déi nei Strategie fir d'international Klimafinanzéierung wäert am Kader vun engem partizipative Prozess - an deen de Cercle de la Coopération des ONGD och wäert agebonne ginn - entwéckelt ginn.

Lëtzebuerg, den 28. Abrëll 2025
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit